

Motioun

D'Deputéiertechamber stellt fest:

1. Am Kontext vun der Coronakris gëtt d'Zuel vun den Tracing–Applikatioune weltwäit ëmmer méi grouss;
2. Contact–Tracing ass – sou laang keng Impfung existéiert – ee wichtege Deel an enger gesamter sanitärer Strategie, déi Infektiounsketten effikass ënnerbriechen kann;
3. D'Regierung huet sech méi Moyën'ë gi fir en analogen Tracing duerchzeféieren.
4. D'Recht op Privatsphär ass ee fundamentaalt Mënscherecht;
5. Iwwer 500 Wëssenschaftler hu kloer Ufuerderungen u Contact–Tracing–Applikatiounen am [Contact Tracing Joint Statement](#) vum 19. Abrëll formuléiert;
6. Reng technologesch Léisunge kënnen nëmmen een Deel vun enger gesamter sanitärer Léisung sinn;
7. Net all Mënsch huet e Smartphone;
8. Den European Data Protection Board (EDPB) den 21. Abrëll d'lignes directrices fir den Asatz vu Contact Tracing Applikatiounen publizéiert huet an dobäi d'Mindestcritèren souwéi den Appel fir Datespuersamkeet formuléiert.

Aus dese Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung :

- Weiderhin op den analogen Tracing ze setzen an déi néideg personell Kapazitéiten ze assuréieren;
- Ënnert kéngen Ëmstänn eng obligatoresch Tracing-Applikatioun zu Lëtzebuerg anzeféieren;
- Just op eng fräiwëlleg Tracing-Applikatioun zeréckzegräifen, wann den europäeschen Kontext dëst vun eisem Land verlangt;
- An deem Kontext eng Base légale ze schafen, déi genau definéiert ënnert wéi enge Konditiounen esou eng fräiwëlleg Tracing-Applikatioun zu Lëtzebuerg kéint entwéckelt a genotzt ginn:
 - a. Vun Ufank un d'Prinzipien vun Dateschutz a Datespuersamkeet virzegesinn an zäitlech Begrenzungen fir d'Späicheren an d'Notze vun den Daten festzehalen;
 - b. D'Interoperabilitéit vun esou enger App mat den EU-Partner ze garantéieren déi och eng dezentral Späicherung notzen;
 - c. De Sourcecode vun enger eventueller App oppenzeleeën fir esou eng onofhängeg Analyse ze erméiglechen;

- d. Keng zentral Späicherung vun Daten z'erlaben déi Persounen identifizéiere kënnen;
 - e. Sécherzestellen datt Donnéeën, och anonymmer, nëmmen mam explizitten Accord vum Utilisateur gedeelt kënnen ginn;
 - f. Keng Tracing-Applikatioun zouzeloossen, déi nach aner Gesondheetsdonnéeën oder -Servicer géréiert, resp. ubitt;
- Wann op eng Tracing-App zeréckgegraff géif:
 - a. Sech géint Diskriminéierung vu Leit anzesetzen déi d'App net wëllen oder kënnen benotzen;
 - b. Eng Evaluatioun vum Dadeschutz, der Efficaciteit an der sanitärer Plus-value ze maachen.